Th.G.Verlag
Esch S.Henri

# Klatsch Ratsch an Tratsch.

Sketsch an engem Akt.

Szénerie:en Hausgank.

---

Mme.Ratsch:(zur Klatsch,de' schon do ass mat engem Kurf am Arm.)Gudde Murgen Mme.Klatsch, och schon um Dill! - Herrjé wat huet dir e Kurf voll akâft. Do si bestömmt gutt Sâchen dran?
Klatsch:Uff... ass dât eng Plô de' Trâp erop. .. Ech muss e we'neg raschten... Jo... ech hu Grengs,Eer,Zalot an e Geleng vum Metzler. Mei Mann össt dât eso' gär. .... Eren och?
Ratsch:Awer secher Mme.Klatsch,dovun ass hién e gro'sse Liebhaber, mä nach le'wer huet hién mei Gelli.
Klatsch:eso'? Ass dén dann eso' aparti gutt?
Ratsch:Awer secher,dir sollt en emol schmâchen!
Klatsch:A we' mächt dir en Dann?
Ratsch:Da lauschtert:Ech huele mei Schwengskapp,meng Schwengsnues meng Schwengso'eren,meng Schwengsfe'ss,mâchen dât alles an mein Döppen mat dénen ne'dege Kreider,da schödden ech nach mei Wâsser drop.... an da sollt dir emol schmâchen...
Klatsch:Dât ka jo sin, awer d'Geleng ass och gutt, mä 't muss é besonnesch eng gudd Zôs derbei mâchen,dorun därf én net spuren,wann et schmâche soll.Denkt iéch emol,d'Mme.Tratsch douewen,~~aa~~ de' brengt et gur net fèrdeg.Der Jômer wés wât de' mecht...
Ratsch:Lauschtert,lösst mech mat dèr a Ro'h,Mme.Klatsch,dât schengt mir nach de' richteg ze sin.Denkt iéch,wann ech alt op de Speicher muss goen,hâlen ech mir d'Nues zo',eso' e Geroch k könnt aus hirer Kichen.Ech mèngen de' ~~g~~ muss mat Pèrdsfett a Wönschmier gréwen...
Klatsch:Ha-ha-ha- 't get eso' allerhand verziélt. An derbei ass sie eso' agebildt. Ech froen iéch,op wât?...Hire Mann verdengt jo nömme 1500 Frang de Mo'nt,an dann ent wann kritt en eng Zulag. Wo' soll et dann do hirkommen? Sie ass eng Schlapp a schafft neischt,de Mann ass en Efalt dé siewe grued si le'sst. Ech fir mein Dél...
En Dengschtmédchen: Pardon,wan ech dérange'eren,awer ech muss hei durch. Dât hei ass secher dé klengen zukönftegen Frâe-Gemènge-rôt. Ha-ha-ha-...
Râtsch:Eso' e frecht Steck! Ener eis gesôt,Mme.Klatsch,dât ass Krôm, ~~sixsxént~~ awer secher, sie wunne jo um 3.Stack. E'ser-ént,dât um 1.oder 2.Stack wunnt,dirft sech dach schon e'schter eppes abilden. Mat dèr... wöllt ech nach net tauschen.... Pscht,Mme.Klatsch,d'Mme. Tratsch könnt...
Tratsch:Gudde Murgen zesummen. Ech muss mech dommelen,ech hu mei Kallefflésch opstoen,an ech muss nach Gromperen siche goen, fir ze bröden, mei Mann össt de' eso' gär. Wât ech wollt soen, Madam Klatsch, a Mme. Tratsch,huet dir schon he'eren wât dât fir Leit sin,de' elo önnenan wunnen?
Ratsch:Ass et me'glech?
Klatsch:Wât söt dir?
Tratsch:Jo, do ass eng nett Zort ageplönnert.Denkt iéch,de' göfteg Röpp huet gesôt,ech de't um 3.Stack wunnen,weil ech eso' he'ch Te'n ge'f blôsen.Eso' eng Frechhét,vu Leit de' dach we'neger Moyer bezuelen.De' huelen d'Maul ömmer am méschte voll..... Hu mir ne'deg eis dât gefâlen ze lôssen?....
Ratsch:'t muss én ömmer denke wo' 't hirkönnt,Mme. Trasch.'t Bèscht ass,'t bleiwt é bei sech. Mir musse weisen datt mir eppes op eis hâlen....
Dengschtmédchen: Pardon,wann ech dérange'geren,awer ech muss hei durch.(gét se'er durch,lâcht)Hahahaha!Braucht dir keng Höllef fir d'Leit ze beklâken? Kuckt(reist de Mond op)Ech hun och eng gro'ss.....
Klatsch:Macht datt dir fortkommt, dir frecht Steck,a mâcht de Geck net mat de bessere Leit.(zo' dénen 2 âneren): Dèr hun ech et emól gesot. Awer wât ech wollt soen,datt mir eis Liéd net ver-giéssen! Ech kann et och net brauchen wann én an ânere Ste't ~~xxx~~ eremrötscht an an den Dâg erababbelt.Dât Dorömmerstoen,dât Gehächels a Getrâtschs hun ech op der Lât.... Wann ech Haushär wir,dan dirft mir dât gur net virkommen.

Tratsch: Herrjé,den Haushär. Wat mengt dir wuel wât vun dém alles verziélt get.... wât hun ech do alles he'eren.... 't hécht de' si verschölt bis iwer d'O'eren. Dem Mellechmann sin se eng ganz Woch schölleg. D'Bäckermédchen huet geschter wés we' lâng virun der Dir gewart. Schon 2 mol hât den Haushär keng Mönz. Ech froen iéch,Mme.Klatsch.... dât ass dach ze bequem... wann é keng Mönz huet... an de' gro'ss Scheiner alle sin.. - Dât ge'f ech mir awer nie no soe lôssen.

Klatsch:Besonnesch net, wann ech eso' en Opsehens mat menge Kléder ge'f mâchen,we' d'Hausmadam.

Ratsch:D'mengt é jo de' de't virun der Himmelsdir hausen. E'serént muss rechnen a knecken fir mat den Enner zesummen ze kommen,awer de' Zort Leit geheit et zur Fönster aus, eso' eppes brengt mech an d'Roserei. An derbei peift se aus dem lèschte Lach, a schnuddelt un engem Steck.....

Eng Fra(mat engem Kirwchen):Plâtz fir e Mann, a wann et och nömmen eng Hiéwamm ass.- Mâcht et gnädeg, a sit barmhèrzeg. - We' wär et wann ech de' Dammen e we'neg schröpfe ge'f.- Ech hun stark Gliéser bei mir de' alles Göft erausze'hen....

Ratsch:Scho gutt,

Tratsch:Git le'wer bei d'Hausmadam.

Klatsch:'t ass net me' we' recht wann de' Leit och emol geschröpft gin, Soss sin et emer blo's d'Locatairen.

Ratsch:Ech wönschen hinnen neischt Be'ses,awer sie sollen all Dâg e Pond zo'huelen...

E Kand kreischt) Mamm... Mamma... 't Kalleffflésch ass ugebrannt..... Mamma 't dämpt a stenkt..... Mamma ..se'er!

Tratsch: Herrjé mei Kallefflésch...... mei Kallefflésch! (léft fort)

Klatsch: A mei Geleng.... Du le'wer Himmel, elo hun ech dât verpasst... Elo muss ech awer se'er mâchen.... wann et nömmen net ze spe't ass.(léft och fort)

Ratsch:Hahaha, ech lâche mech nach kapot. Dât si mir nach de' 2 richteg. De' liddreg Poppen,de' Rätschen,de' Schlappen,de' miserabel,de' ge'fen och le'wer an hirem Stôt bleiwen, an den Dreck virun hirer Dir kieren.... Awer elo muss ech jo och lâfen, soss gin meng Schwengso'eren net me' möll.....(of) Vorhang.

16.1.52
HR

Preis: 1 Roll 5 fr.
3 Rollen mat Opfe'erongsrecht (1X) 16.-frs.

ze bezuelen op de Postschek: Mich.Rock,
Esch/Alz.
Biéleserstr.17
Lux. 246-o6